

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2020


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

An der Press ass iwwert d'Suerg vun enger grousser Gewerkschaft ze liesen (Tageblatt vum 3. August 2020), wat den Ajustement vun de Pensiounen an d'Allocation de fin d'année fir d'Renten ugeet. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Minister :

1. Ginn d'Pensiounen Enn dëses Joers ajustéiert, wéi d'Gesetz vum 21. Dezember 2012 et virgesäit?
2. Ass d'Regierung mat der Interpretatioun vun der zitierter Gewerkschaft d'accord, datt d'Aussetze vun dësem Ajustement vun de Pensiounen, wéi et am Gesetz virgesinn ass, eng strukturell Moosnam ass, déi deemno net am Kader vun enger aussergewöhnlecher Kris wéi der Corona-Epidemie däerf spillen?
3. Huet d'Regierung Pläng, d'Allocation de fin d'année, wéi si am Gesetz vum 21. Dezember 2012 virgesinn ass, ofzeschaffen? Kann d'Regierung garantéieren, datt dës Zoulag iwwert déi nächst Jore bestoe bleift an net a Fro gestallt gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten